ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Dezember 2017

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **parlamentaresch Fro** (Art. 81) un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Ech sinn informéiert ginn, datt den éischte Weekend am Dezember, deen duerch kal Temperaturen a rëtscheg Stroossen an Trottoire gepräägt war, d'Urgencen an enger Rei vu Spideeler iwwerlaascht waren. Zum Deel hu misse Better an der Receptioun vun enger Urgence opgeriicht ginn. Et sollen och Leit mat Bréch nees mat privaten Ambulanzen heem geschéckt gi sinn.

Dowéinst wéilt ech der Madamm Gesondheetsminister dës Froe stellen:

1) *Kann d'Madamm Minister bestätegen, datt d'Urgencen an de Spideeler ufanks Dezember iwwerlaascht waren? Sinn et am éischte Weekend am Dezember Spideeler ginn, déi net genuch Better haten, mol net fir déi Patienten déi hätte missen, ënner normale Bedéngungen, stationär hospitaliséiert ginn?*
2) *Wéi eng **Moossnamen**, **déi direkt gräifen**, wëllen de Gesondheetsministère an d'Spideeler implementéieren, fir eng gutt an eng schnell Behandlung vun alle Patienten an den Urgencen ze garantéieren, och bei wanterleche Wiederconditiounen?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten